

Auswäertung Ëmfro Corona




Introductioun

D'Coronapandemie, déi säit Mäerz 2020 d'ganz Welt an Otem hält, hat och e groussen Impakt op d'Liewe vun de Lëtzebuurger Student:innen. Fir ze wësse wéi déi aktuell Situatioun vun eise Student:innen ausgesäit, hu mir Enn Februar eng Ëmfro un eis Memberscerclë geschéckt. D'Ëmfro huet aus 18 Froen bestanen a konnt ënnerhalb vun zwou Minutten beäntwert ginn. A folgendem Dokument ass eng detailléiert Auswäertung vun eiser Ëmfro iwwert d'Wuelbefanne vun de Lëtzebuurger Student:innen während der Pandemie.


Allgemeng

Un der Ëmfro hu 618 Student:innen Deel geholl. Dovuun hunn 209 Persounen als Geschlecht männlech uginn, 408 Persounen hu weiblech uginn an 1 Persoun huet divers uginn. D'Majoritéit (88%) vun de Participanten ass tëscht 20 a 25 Joer al.



A wéi engem Land studéiert du?


Vun de 618 Befroten, studéieren 214 Persounen an Däitschland, 135 Persounen studéieren an Frankräich, 82 Persounen studéieren an Éisträich, 77 Persounen studéieren an der Belsch, 54 Persounen studéieren zu Lëtzebuerg, 40 Persounen studéieren an der Schwäiz, 7 Persounen an Holland, 6 Persounen an Groussbritannien, 1 Persoun an den USA an 2 Persounen an anere Länner wou keng Memberscerclë vun eis sinn.



Vu datt mir dës Ëmfro un eis Cerclë geschéckt hunn, hu virun allem Memberen aus dësem Cerclë matgemaach. Dat erkläert d'Verdeelung vun de Länner an dëser Ëmfro. Déi meeschte Lëtzebuurger Student:innen studéieren ausserhalb vu Lëtzebuerg an Däitschland an do hu mir och déi meeschte Cercle. Vu datt kee Cercle vun der Universitéit Lëtzebuerg bei eis Member ass a mir dës Student:innen dofir just schwéier kontaktéiere kënnen, ass et net verwonnerlech, datt just 54 Persounen, déi zu Lëtzebuerg studéieren, un der Ëmfro Deel geholl hunn.


A wéi engem Cycle bass du grad ageschriwwen?

D'Majoritéit vun de Befroten ass am éischten Zyklus, also am Bachelor, ageschriwwen. Dat sinn 445 Student:innen, also 72%. 141 Persounen sinn am Master ageschriwwen. Dat sinn 23%. 10 Persounen hunn zum Moment vun der Ëmfro en Doktorat/PhD gemaach, 1 Persoun mécht e BTS an 21 Persounen maachen eppes aneres.




Bachelor

Vun de 445 Persounen déi am Bachelor ageschriwwen sinn, sinn 149 Männer an 296 Fraen.




Vun de 445 Student:innen, déi zum Zäitpunkt vun der Ëmfro an engem Bachelor ageschriwwen waren, studéieren 164 Persounen an Däitschland, 101 Persounen a Frankräich, 56 Persounen an der Belsch, 52 Persounen an Éisträich, 37 Persounen zu Lëtzebuerg, 24 Persounen an der Schwäiz, 6 Persounen an Holland, 4 Persounen an Holland an 1 Persoun an den USA.




Master

Vun den 141 Persounen, déi am Master ageschriwwen sinn, sinn 53 Männer an 88 Fraen.




Vun den 141 Student:innen studéieren 34 Persounen an Däitschland, 32 Persounen a Frankräich, 22 Persounen an Éisträich, 20 Persounen an der Belsch, 16 Persounen an der Schwäiz, 12 Persounen zu Lëtzebuerg, 2 Persounen a Groussbritannien, 1 Persoun an Holland an 2 Persounen an anere Länner.



Finanziell Situatioun

Huet d'Pandemie sech negativ op deng finanziell Situatioun ausgewierkt?

Vun de 618 Befroten hunn 119 Student:innen uginn, datt sech d'Pandemie negativ op hir finanziell Situatioun ausgewierkt huet. Heibäi hunn 69 Student:innen uginn, datt sech hier finanziell Situatioun éischter verschlechtert huet a 50 Student:innen hunn uginn, dat sech déi finanziell Situatioun verschlechtert huet. Soumat huet fir 19,2 % vun de Befroten d'Pandemie negativ Auswierkungen op hir finanziell Situatioun.



Et gëtt keen Ënnerscheed tëschent Student:innen, déi am Bachelor oder am Master ageschriwwen sinn an allgemeng och net beim Alter.


Den Undeel vu Fraen, deenen hir Situatioun méi schlecht ginn ass, ass liicht méi grouss, wéi den Undeel u weiblechem Geschlecht par Rapport zur der ganzer Kohorte.

De Gros vun de Student:innen (51%) déi sech Gedanken ëm hir finanziell Situatioun maachen, geet och dovunner aus, dass hir Studienzäit sech verlängere wäert. Ausserdeem waren et 42% vun dëse Student:innen, déi och doriwwer nogeduecht hunn de Studium ofzebriechen, während dat just 28% am Duerchschnitt gemaach hunn. Soumat kann een unhuelen dass de finanzielle Volet ee groussen Impakt dorobber huet wéi positiv een dem Studium géigengewier steet.

Hues du däin Niewenjob duerch d'Pandemie verluer?

Vun de 618 Befroten, hunn 497 Student:innen uginn, dass si kee Niewenjob haten. Dat erkläert zum Deel och firwat d'finanziell Situatioun sech just fir eng Minoritéit vun de Befroten verschlechtert huet.

80 Student:innen hunn uginn, dass si hiren Niewenjob net verluer hunn, während 41 Student:innen hiren Niewenjob verluer hunn.




Vun den 41 Persounen déi uginn hunn, dass si hiren Niewenjob verluer hunn, hu knapp 70 % Angscht ëm hir finanziell Situatioun par Rapport zu 20 % vun all de Befroten. Ausserdeem hunn 2/3 vun den 41 Student:innen doriwwer nogeduecht hiert Studium ofzebriechen.

Dës weist wéi wichteg de finanzielle Volet fir e Studium ass. Just wa garantéiert ass, dass eng Student:in sech de Studium finanzéiere kann, ass et sécher, dass déi Persoun de Studium och bis zum Schluss duerchzitt.

Dës Weideren hunn 2/3 vun de Student:innen, déi während der Pandemie an hirem Studieland waren, hiren Niewenjob verluer. Am Gesamten waren et awer just 35 %.

Wéi staark huet dech säit dem Ufank vun der Pandemie d'Angscht ëm deng finanziell Situatioun belaascht?

Insgesamt hunn 202 Student:innen uginn, dass si d'Angscht ëm hir finanziell Situatioun belaascht. Dovun hunn 12 Persounen uginn, dass si d'Angscht ëm hir finanziell Situatioun vill belaascht, 49 zimmlech, 141 mëttel. 2/3 vun de Befroten hunn allerdéngs gesot, dass si just wéineg oder keng Angscht ëm hir finanziell Situatioun hunn.



Hei ass et och allgemeng éischter de Fall, wa Student:innen hiren Niewenjob verluer hunn, respektiv hir finanziell Situatioun sech verschlechtert huet, dass si dann och Angscht ëm hir finanziell Situatioun hunn. Och besteet hei éischter d'Bedenken, dass si hire Studium musse verlängeren an et gouf och verstärkt doriwwer nogeduecht mam Studium opzehalen.

Hei gesäit ee kloer den Zesammenhang tëschent dem Verloscht vum Niewenjob an der Angscht ëm seng finanziell Situatioun. Zousätzlech ass an dëser Grupp den Undeel vu Befroten, déi Angscht ëm d'finanziell Situatioun hunn, besonnesch héich


[70 % par Rapport zu 20% vun all Befroten]. Heiräuser kann een schléissen, datt dës Student:innen hiren Niewenjob brauche fir sech de Studium ze finanzéieren.

Doduerch, datt awer allgemeng just wéineg Lëtzebuerger Student:innen en Niewenjob hunn a just eng Minoritéit en Niewenjob brauch fir sech de Studium kënnen ze finanzéieren, hunn vill Lëtzebuerger Student:innen net manner Suen zu Verfügung wéi virun der Pandemie a hunn dowéinst och keng Angscht ëm hir finanziell Situatioun.

Studium

Wéi huet sech den Aarbechtsopwand fir däi Studium duerch d'Pandemie verännert?

Den Aarbechtsopwand während der Pandemie ass fir 369 Student:inne méi ginn, fir 173 Persounen ass et selwecht bliwwen a fir 76 ass et entweder e bësse manner oder vill manner ginn.




Vun de 445 Student:innen, déi am Bachelor waren, hunn 268 Persounen ugin, datt den Aarbechtsopwand méi oder vill méi ginn ass. Vun den 141 Student:innen am Master hunn 86 Persounen ugin, datt den Aarbechtsopwand méi oder vill méi ginn ass. Den Zyklus spillt hei also keng Roll, well souwuel am Bachelor wéi och am Master ass den Aarbechtsopwand fir ronn 60 % méi ginn.

Hei stécht och net ee spezifesch Land eraus, wou den Opwand vill méi oder manner ginn ass. Et ass an alle Länner méi oder wéineger gläichméisseg verdeelt. Et kann een also net soen, datt den Aarbechtsopwand a verschidde Länner méi oder manner ginn ass, mee dat hängt warscheinlech vun den eenzelen Universitëten oder souguer Studiengäng of.

Wéi zefridde bass du mat Online-Coursen?

Vun de 618 Befroten hunn 62 Student:innen ugin, datt si guer net zefridde mat Online-Coursen sinn. 211 hunn ugin, datt si net zefridde sinn. 171 Student:innen hunn ugin, datt si weder zefridde nach onzefridde mat den Online-Coursen sinn. 146 Persounen hunn ugin, datt si zefridde mat den Online-Coursen sinn an 28 Student:inne si ganz zefridde mat den Online-Coursen.



Et gëtt kee groussen Ënnerscheed ob d' Student:innen am Bachelor oder am Master ageschriwwen sinn. Am Bachelor hu 46% ugin, datt si net oder guer net zefridde si mat den Online-Coursen par Rapport zu 40% am Master.

Während et beim Aarbechtsopwand keen Ënnerscheed tëscht de Länner gouf, esou kann een awer bei der Zefriddenheet vun den Online-Coursen gesinn, datt et jee no Land awer Ënnerscheeder ginn.

Am meeschten zefridde mat den Online-Coursen sinn d'Student:innen an der Schwäiz. Hei hunn 12% ugin, datt si ganz zefridde si mat den Online-Coursen. An Däitschland sinn et ëmmerhin nach 6% an zu Lëtzebuerg 5%. A Frankräich sinn et 3%, déi ganz zefridde sinn an Éisträich an an der Belsch 2,5%.

Wann ee vergläicht a wéi enge Länner Student:inne ganz zefridden oder zefridde mat den Online-Coursen sinn, gesäit een, datt an der Schwäiz déi meeschte Student:innen zefridde mat den Online Coursen sinn, nämlech 35%. Dono kënn Däitschland mat 32%, Éisträich mat 29%, d'Belsch mat 28%. Zu Lëtzebuerg hu just 22% vun de Student:innen ugin, datt si zefridde mat den Online-Coursen sinn an a Frankräich esouguer just 21%.

Et ass net iwwerraschend, datt an der Schwäiz déi mannste Student:inne guer net zefridde mat den


Online-Coursë sinn (5%). Och an Éisträich hu just 6% vun de Student:innen ugin, datt si guer net zefridde mat den Online-Coursë sinn. An Däitschland an a Frankräich hu jeeweils 10% ugin, datt si guer net zefridde mat den Online-Coursë sinn, an der Belsch sinn et 12% an zu Lëtzebuerg sinn et esouguer 15% vun de Student:innen déi guer net zefridde mat den Online-Coursë sinn.

Wann een allerdéngs kuckt wou d'Student:inne guer net zefridden an net zefridde sinn, also dës zwou Äntwertméiglechkeeten zesummen hält, gesäit een, datt just 37% vun de Student:innen zu Lëtzebuerg onzefridde sinn. An Éisträich an an der Belsch sinn et 41% an der Schwäiz 42%, a Frankräich 45% an an Däitschland 47%.

Och wann et Ënnerscheeder an de verschiddene Länner gëtt, esou kristalliséiert sech awer kee Land eraus an deem Student:innen extrem zefridden oder onzefridde sinn. Dat läit warscheinlech drun, datt hei vill Universitëten an Héichschoulen selwer den Online-Cours opgestallt hunn an et esou vun Universitëten zu Universitëten a vun Héichschoul zu Héichschoul ka grouss Ënnerscheeder ginn, egal a wéi engem Land een studéiert.

Wäert sech d'äi Studium duerch d'Pandemie verlängeren?

223 Student:innen hunn ugin, datt sech hire Studium sécher oder warscheinlech verlängere wäert. Dat ass méi wéi 1/3 vun all de Befroten.




Och hei gëtt et bei de verschiddene Zyklen just wéineg Ënnerscheeder. Am Master sinn et 33 %, déi ugin hunn, datt sech hire Studium sécher oder warscheinlech verlängere wäert par Rapport zu 38 % am Bachelor. Besonnesch betrëff sinn d'Student:innen an Däitschland an an Éisträich. Hei hu jeeweils 52 %

ugin, datt sech hire Studium warscheinlech oder sécher verlängere wäert. Eng Erklärung heifir ka sinn, datt an Däitschland an Éisträich d'Studium ganz anescht opgebaut ass wéi a Frankräich an an der Belsch. Vun de Student:innen, déi an engem vun dësen zwee Länner studéieren, huet manner wéi ¼ ugin, datt sech hire Studium sécher oder warscheinlech verlängere wäert (16 % Frankräich, 23 % Belsch).

Ausserdeem ass a verschiddene Bundesländer an Däitschland déi individuell Regelstudienzeit erhéicht ginn. Dofir gëtt vu villen Universitëten an Héichschoulen ze wéineg gemaach fir d'Studium zäitno ofschléissen ze kënnen.

Hues du säit dem Ufank vun der Pandemie, a wéinst der aktueller Situatioun, driwwer nogeduecht d'äi Studium ofzebriechen?

Et hunn 170 Student:innen ugin, datt si doriwwer nogeduecht hunn hire Studium ofzebriechen, obwuel just 7 vun de Befroten ugin hunn, datt si hire Studium ofgebrach hunn. 448 Student:innen hunn ugin, datt si net doriwwer nogeduecht hunn mat hirem Studium opzehalen.




Bei de Bachelorstudent:innen waren et 30%, déi während der Pandemie doriwwer nogeduecht hunn, hire Studium ofzebriechen, während op der anerer Säit just 22% vun de Masterstudenten mat dësem Gedanke gespillt hunn. Dës weist op een Neits, datt virun allem déi jonk an nei Student:innen mat der Situatioun iwwerfuert waren a sech Gedanken iwwer hir Zukunft gemaach hunn.

Hues du d'äi Studium wéinst der Pandemie ofgebrach?


Just e Brochdeel huet ugin, datt si hire Studium ofgebrach hunn, nämlech 7 Student:innen. Dovun sinn der 4 an Däitschland, 1 a Frankräich, 1 an der

Belsch an een zu Lëtzebuerg. All d'Student:innen, déi opgehalen hunn, waren am Bachelor.



Wéi staark huet dech säit dem Ufank vun der Pandemie d'Angscht em däi Studium belaascht?

Vun de 618 Befroten hu 545 Student:innen uginn, dass si d'Angscht em hire Studium belaascht huet. Heirënner fällt ënner anerem d'Angscht fir de Studium mussen ofzebiechen oder d'Motivatioun an d'Produktivitéit ze verléieren. Just 72 Student:inne belaascht d'Angscht ëm hire Studium net.



Prozentual gesinn, si Student:innen, déi uginn hunn, dass si d'Angscht ëm hire Studium zimmlech oder vill belaascht, éischter am Bachelor ageschriwwen. 44 % vun de Student:innen am Bachelor hunn nämlech uginn, dass si d'Angscht ëm de Studium zimmlech oder vill belaascht par Rapport zu 37 % am Master.

10 % vun de Bachelor-Student:innen hunn uginn, dass d'Angscht ëm de Studium si guer net belaascht par Rapport zu 12 % vun de Masterstudenten. Hei gëtt et also bal keen Ënnerscheed.

Bei deene meeschte Länner hunn ongeféier 10 % uginn, dass si d'Angscht ëm de Studium guer net belaascht. Ausser zu Lëtzebuerg, do sinn et ronn 32 % déi uginn hunn, dass si d'Angscht ëm de


Studium guer net belaascht. Op der anerer Säit, hu kapp 3 % vun de Student:innen an der Belsch uginn, dass si d'Angscht ëm hire Studium guer net belaascht.

D'Angscht ëm de Studium ass also e klore Punkt deen duerch d'Pandemie entstanden ass. Dëst huet natierlech och Konsequenzen op d'mental Gesondheet vun de Student:inne, wou mir och nach méi konkret wäerten drop agoen.

Mental Gesondheet

Wou hues du während der Pandemie déi meescht Zäit verbruecht?

376 Student:innen hunn déi meeschten Zäit während der Pandemie zu Lëtzebuerg verbruecht, obwuel si am Ausland studéieren.




Souwuel d'Student:innen am Master esou wéi am Bachelor hu gréisstendeels hir Zäit zu Lëtzebuerg verbruecht (56 % Master, 65 % Bachelor).

Virun allem d'Student:innen, déi an der Belsch (78 %) an a Frankräich (77 %) studéieren, hunn déi meeschten Zäit zu Lëtzebuerg verbruecht. Vun de Student:innen, déi an Däitschland studéieren, sinn et 57 % déi während der Pandemie gréisstendeels zu Lëtzebuerg waren. Vun de Student:innen déi an der Schwäiz an an Éisträich studéieren, hunn allerdéngs manner wéi d'Hallschent vun de Befroten déi meeschten Zäit zu Lëtzebuerg verbruecht (40 % Schwäiz, 46 % Éisträich). Dat läit warscheinlech op der enger Säit un der Distanz vum Studieland bis Lëtzebuerg, mee och un der schwierger Situatioun mam Areesen an dëse Länner. Deelweis war et just schwéier méiglech erëm zrëck a säi Studieland ze reese wann een eng Kéier ausgereest ass.

Wéi staark hunn dech Gefiller vun Einsamkeet säit dem Ufank vun der Pandemie belaauscht ?

Vun alle Befroten hunn 37 Leit uginn, datt si sech guer net eleng fille säit dem Ufank vun der Pandemie. Allerdéngs hunn och 131 Student:innen uginn, datt si Gefiller vun Einsamkeet säit dem Ufank vun der Pandemie staark belaauchten. 80% vun de Befroten hunn uginn, datt Gefiller vun Einsamkeet si mëttel, zimmlech oder vill belaaucht hunn.



Bei deenen déi sech guer net oder wéineg eleng fille sinn 8-12 % méi Männer wéi zu der normaler Fra-Mann-Opdeelung. D'Frae fillen sech also méi eleng wéi d'Männer.

Bei deenen, déi sech guer net eleng fillen, sinn 10 % méi Bachelorstudent:inne wéi bei der eigentlecher Bachelor-Master Opdeelung. D'Bachelorstudent:inne si par Rapport zu de Masterstudent:innen éischter zu Lëtzebuerg (65% zu 56%) bliwen. Zu Lëtzebuerg wunnen dës Student:innen meeschtens bei der Famill wat vläicht eng Erklärung kéint si firwat Bachelorstudent:innen sech an eiser Ëmfro manner eleng fillen.

Et kann ee soen, datt d'Student:innen aus Frankräich an aus Lëtzebuerg sech liicht manner eleng gefillt hunn. Dat kann doru leien, datt hei d'Majoritéit vun de Befrote während der Pandemie zu Lëtzebuerg war, also warscheinlech bei der Famill.

Obwuel just eng 52 % vun de Participanten uginn hunn, datt den Aarbechtsopwand duerch d'Pandemie méi grouss ginn ass, gesäit een awer eng staark Baisse tëschent der Einsamkeet an dem Aarbechtsopwand. Leit, déi soen si wieren net eleng, hunn och uginn duerch d'Kris manner Aarbechtsopwand gehat ze hunn. Bei deene mat Gefiller vun Einsamkeet ass dës de Géigendeel,

méi Aarbechtsopwand bedeit méi Gefiller vun Einsamkeet.


Nëmmen 30 % vun de Befrote ginn un, datt si zefridde mat den Online-Coursen sinn, nieft 40 % déi net zefridde mat dësen sinn, an 30 %, déi weder zefridde mam Online-Cours nach onzefridden sinn. Och hei gesäit een eng Tendenz: d'Student:innen déi zefridde si mat den Online-Coursen fille sech manner eleng. Dat heescht eng Onzefriddenheet géigeniwwer den Online-Coursen bréngt méi Einsamkeet mat sech.

Op d'Participanten vun der Ëmfro sech zu Lëtzebuerg oder an hirem Studieland opgehalen hunn, spillt keng bedeitend Roll par Rapport zur gefillter Einsamkeet. Et konnt awer festgestallt ginn, datt während der Coronapandemie 2/3 vun de Student:innen d'Zäit zu Lëtzebuerg verbruecht hunn, an 1/3 an hirem Studieland.

Beim Alter stiechen keng speziell Altersgruppen a Verbindung mat der mentaler Gesondheet par Rapport zu aneren eraus. Et ass awer frappant ze gesinn, datt nëmmen 18 % vun de Student:innen gesot hunn, si hätten guer keng oder nëmme wéineg Gefiller vun Einsamkeet säit dem Ufank vun der Pandemie erlieft. Dës bedeit, datt méi wéi 80 % vun de jonke Student:innen vill a reegelméisseg Einsamkeet während dem leschte Joer hunn missen duerchliwen.

Wéi huet sech d'Situatioun déi lescht 12 Méint (Pandemie, Lockdown, etc.) op deng mental Gesondheet ausgewierkt?

Vun de 618 Participanten hu just 20 Persounen uginn, datt hir mental Gesondheet liicht oder vill besser ginn ass. 103 Persounen hunn uginn, datt se gläich bliwwen ass. D'Majoritéit huet awer uginn, datt hir mental Gesondheet méi schlecht (352 Persounen) oder souguer vill méi schlecht (143 Persounen) ginn ass.



Bei de Student:innen, déi ugin hunn, dass hir mental Gesondheet vill oder e bësse méi schlecht ginn ass, spillt de Cycle, an deem se ageschriwwe sinn, keng Roll. Am Bachelor sinn et ronn 80% am Master 82%.

Och d'Land an deem déi Befrote studéieren, mësch hee keen Ënnerscheed, well iwwerall ongeféier 80% vun de Student:innen ugin hunn, dass hir mental Gesondheet e bëssen oder vill méi schlecht ginn ass.

Et kann een also soen, dass d'mental Gesondheet vun 80% vun de Lëtzebuerger Student:innen vill oder e bësse méi schlecht ginn ass.

Vun deene 7 Student:innen, déi hiere d'Studium ofgebrach hunn, hunn 100% ugin, dass hir mental Gesondheet méi schlecht ginn ass. Hee wär et interessant eraus ze fannen, ob de d'Studienofbroch eng Konsequenz vun der schlechter mentaler Gesondheet war oder ob de Studienofbroch dozou gefouert huet, dass d'mental Gesondheet méi schlecht ginn ass.

Et gëtt och keng däitlech Ënnerscheeder beim Alter an dem Geschlecht vun de Participante bei der Froe iwwert d'mental Gesondheet.


Allerdéngs spillt hee d'finanziell Situatioun eng Roll. Bei 88 % vun deenen déi ugin hunn, dass si hiren Niewenjob verluer hunn, ass d'mental Gesondheet méi schlecht ginn par Rapport zu 76%, déi hiren Niewenjob net verluer hunn an 80%, déi keen Niewenjob haten. Ausserdeem ass bei 88% vun de Student:innen, déi d'Angscht ëm hir finanziell Situatioun a mëttel bis vill belaascht, d'mental Gesondheet méi schlecht ginn, par Rapport zu 77% vun de Participante, déi ugin hunn, dass d'Angscht ëm hir finanziell Situatioun se just wéineg oder guer net belaascht.

93% vun de Student:innen, déi ugin hunn, dass si driwwer nogeduecht hunn hire Studium ofzebriechen, hunn och ugin, dass hir mental Gesondheet méi schlecht ginn ass. Bei de Student:innen, déi ugin hunn, dass si net driwwer nogeduecht hunn hir d'Studium ofzebriechen, hunn 75% ugin, dass hir mental Gesondheet méi schlecht ginn ass.

Wat belaascht deng mental Gesondheet am meeschten? (Méi Äntwerten méiglech)

Vun de 618 Befrote, hu 493 Persounen (knapp

80%) ugin, dass et si virun allem belaascht, dass si keng Frënn kënnen gesinn. Bei de Student:innen ass et also virun allem d'Kontaktbeschränkung déi eng negativ Auswierkung op d'mental Gesondheet huet.



Och den Drock deen d'Student:innen duerch de Studium hunn, esou wéi agespaart ze sinn an net dem üblechen Alldag nozegoen, hunn fir vill Student:innen eng negative Auswierkung op hir mental Gesondheet. 345 Persounen hunn ugin, dass agespaart ze sinn hir mental Gesondheet belaascht an 328 Persounen hunn ugin, dass den Drock deen si duerch de Studium hunn, sech negativ op hir mental Gesondheet auswirken.

Vu dass just wéineg Student:innen Angscht ëm hir finanziell Situatioun hunn, ass et och net iwwerraschend, dass de finanziellen Drock just bei wéinege Befrote (8%) eng negativ Auswierkung op d'mental Gesondheet huet.

Am Verglach vun de Geschlechter gesäit een dass méi Männer ugin hunn, dass et hir mental Gesondheet belaascht, dass si keng Frënn kënnen gesinn par Rapport zu de Fraen (86% Männer, 76% Fraen). Op der anerer Säit hu méi Fraen ugin, dass den Drock deen si duerch de Studium hunn hir mental Gesondheet belaascht (55% Fraen, 48% Männer). Agespaart ze sinn huet eng negativ Auswierkung op d'mental Gesondheet fir 57% vu de Fraen a 54% vun de Männer.

Wann een dës Fro pro Zyklus analyséiert, gesäit een, dass agespaart sinn souwuel d'Bachelor- wéi och d'Masterstudent:innen ongeféier gläich belaascht. Hee hunn am Bachelor 56% dës Äntwertméiglechkeet ugekräizt géint 58% am Master.

Allerdéngs hunn am Master 10% méi Student:innen ugin, dass et si belaascht keng Frënn ze gesinn (88%). Am Bachelor hunn 78% vun de Befrote ugin, dass et si belaascht keng Frënn

ze gesinn. Dës kéint dru leien, datt am Master méi Student:innen an hire Studiälänner bliwwen sinn an do manner d'Méiglechkeet hate fir Frënn ze treffen wéi Student:innen déi sech gréisstendeels zu Lëtzebuerg opghalen hunn.

Den Drock duerch de Studium belaascht 57% vun de Bachelorstudent:innen géint 44% vun de Masterstudent:innen.


Wann een dës Fro pro Land kuckt, ginn et just kleng Ënnerscheeder. An all Land hunn déi meeschte Student:innen uginn, datt keng Frënn ze gesinn hir mental Gesondheet belaascht: Belsch 81%, Däitschland 81%, Frankräich 77%, Éisträich 81%, Schwäiz 80% a Lëtzebuerg 78%. Hei gesäit een, datt a Frankräich an zu Lëtzebuerg liicht manner Student:innen uginn hunn, datt et si belaascht keng Frënn ze gesinn. Dat kéint doru leien, datt vill Student:innen d'Pandemie zu Lëtzebuerg verbruecht hunn wou d'Mesuren zum Deel manner streng ware wéi an anere Länner.

Beim agespaart sinn, ginn et awer je no Land méi staark Differenzen. Vun de Student:innen an der Belsch an an Éisträich hunn 59% dës Äntwertméiglechkeet ugekräizt. A Frankräich waren et souguer 60%. An Däitschland sinn et 52% vun de Student:innen, zu Lëtzebuerg 50% an an der Schwäiz 47%. Fir dat méi konkret ze analyséieren, misst een hei kucken wéi d'Mesuren an d'Ausgangsbeschränkungen an de verschidde Länner waren. Frankräich hat awer zäitweis eng extrem streng Ausgangspär wat kéint erklären, firwat do sou vill Student:innen dës Äntwertméiglechkeet ugekräizt hunn, während an der Schwäiz an zu Lëtzebuerg d'Ausgangsbeschränkung manner strikt waren an dowéinst eventuell och manner Student:innen dorënner gelidden hunn.

D'Belaaschtung vum Drock, deen duerch de Studium an der Pandemie entstanen ass, ass an deene meeschte Länner relativ änlech ausser an engem Land. Am mannsten belaascht et d'Student:innen zu Lëtzebuerg. Hei hu 47% dës Äntwertméiglechkeet ugekräizt. Dono kommen Däitschland an Éisträich mat jeeweils 51% am duerno d'Belsch an d'Schwäiz mat 54%. Vun de Student:innen a Frankräich hunn allerdéngs 60% uginn, dass den Drock deen si duerch de Studium hunn hier mental Gesondheet belaascht. Interessant wär et erauszefannen firwat den Drock duerch de Studium a Frankräich esou zougeholl huet par Rapport zu den anere Länner.

Wéi äussert sech dän aktuelle mentalen/psycheschen Zoustand am Alldag? (Méi Äntwerte méiglech)

74% vun de Befroten hunn uginn, datt si demotivéiert sinn. 58% hunn uginn, datt si midd sinn an och 58% hunn uginn, datt si sech gestresst fillen.



Tëschent Student:inne gëtt et kee signifikanten Ënnerschied, dee sech op hire mentalen Zoustand ausschléit, béid Geschlechter sinn d'selwecht staark dovou betraff.

Dës Weideren sinn jee no Cycle, Bachelor, Master oder PhD keng kloer Tendenzen ze erkennen.

De mentalen a psycheschen Zoustand am Alldag vun de Student:innen ass onofhängeg vun hirem Studieland. Et ass just opgefall datt déi Belsch Student:inne wuel manner physesch Beschwéieren hunn.

Zousätzlech gouf och nach d'Quantitéit vun de Beschwéieren pro Student:innen ausgewäert. Dobäi ass et markant, datt 77% vun de Student:innen zwou oder méi mental an/oder psychesch Beschwéieren uginn hunn. Ausserdeem huet méi wéi d'Hallschent vun den 618 Participanten op d'mannst dräi oder méi dës Beschwéieren uginn.

No Altersgruppen gekuckt, gëtt et keng, déi besonnesch erausstécht. Doraus ergëtt sech, datt souwuel jonk Student:innen, déi grad réischt mam Studium ugefaangen hunn, gläichermossen betraff sinn, wéi eeler Student:innen, déi scho méi laang mat hirem Studium umgaangen sinn.

Insgesamt weisen dës Zuelen, datt tëschent 50% a 60% vun de Student:innen dräi oder méi mental an/oder psychesch Beschwéieren uginn hunn.

An der Ëmfro konnt en och konkret uginn, wéi sech de mentalen Zoustand verschlechtert huet, respektiv wéi sech dat äussert. Hei hunn

d'Student:innen ënner anerem uginn, datt si während der Pandemie méi oft kräischen a mëttlerweil eng Depressioun hunn. Dobäi kënnt, datt si keng Motivatioun fir näischt hunn, mee och Ängscht, Problemer mam lessen an onrouege Schlof sinn hei konkret Problemer.

Conclusioun

Bei eiser Ëmfro, déi iwwert knapp dräi Wochen online konnt ausgefëllt hunn, hunn 618 Student:innen aus Lëtzebuerg matgemaach. Dës Ëmfro konnt eis e puer interessant, mee och erschreckend Erkenntnisser bréngen. Während et de Student:innen aus Lëtzebuerg och an der Pandemie finanziell gréisstendeels gutt geet an si sech keng Suergen doriwwer maache mussen, esou leit de mentalen Zoustand awer enorm. Keng

Frënn ze gesinn an agespaart ze sinn hu Spueren hannerlooss, mee just seelen héiert een an de Medien dovunner. Vill Student:innen hu säit iwwert engem Joer keen Unisgebaai vu bannen gesinn, kee physische Kontakt mat Kommiliton:innen an Dozent:inne gehat. All dat huet eng extrem negativ Auswierkung op d'mental Gesondheet. Während mir als Student:innevertrieder frou sinn, datt et finanziell just wéineg Problemer ginn, esou maache mir eis ëmsou méi Suergen ëm d'Wuelbefanne vun de Lëtzebuerger Student:inne während der Pandemie an hoffen, datt eis Ëmfro en éischte Schratt ass, fir datt sech Saachen änneren an d'Student:innen déi néideg Hëllef kréien.

Mir wëllen op dëser Plaz jidderengem Merci soen, dee sech Zäit geholl huet eis Ëmfro auszufëllen an eis doduerch e gutt d'Bild vun de Student:innen am In- an Ausland ze verschafen.